



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

Luxembourg, le 13 juillet 2020

**Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec  
le Parlement**

**REÇU**  
Par Alff Christian, 15:47, 13/07/2020

**Service Central de Législation  
Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°2354 du 9 juin 2020 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant la promotion de la mobilité douce, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch  
Ministre de la Mobilité  
et des Travaux publics**

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch a vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Carole Dieschbourg op d'parlamentaresch Fro n°2354 vum 9. Juni 2020 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen betreffend der "Promotion de la mobilité douce"**

Déi erhéichte Primm vu bis zu 600,- € gëllt réischt vir Vëloen a Pedelec25 (Vëlo mat enger elektrescher Ënnerstëtzung bis 25 km/h), déi no dem 11. Mee kaf goufen, a wëll dat betreffend Reglement de 21. Juni 2020 am Mémorial A vum Journal Officiel publizéiert gouf, an domadder réischt ab dësem Datum eng Demande fir eng erhéichte Primm kann ausbezuel ginn, ass et nach verfréit een éischte Bilan ze maachen.

Leit déi virum 11. Mee 2020 e Vëlo oder e Pedelec25 kaf hunn, kënnen weiderhin eng Primm vu bis zu 300,- € ufroen. Gebrauchte Vëloen a Pedelec25 si generell vun der Primm ausgeschloss.

Am Joer 2019 huet de Staat 10 Pedelec25 ugeschaaft an 2020 waren dës der 11 Stéck. Fir déi Jore virdrun si keng Donnéeën disponibel well déi entspriechend Créditer am Staatsbudget nach net virgesi waren. Fir d'Qualitéit vun den Donnéeën ze verbesseren ass 2019 en Artikel „74.001 Acquisition de vélos de service“ agefouert ginn deen 2020 bei den eenzele Ministère nach méi systematesch am Staatsbudget ageschriwwen ginn ass fir sech Vëloen unzeschaffen. Ab 2021 ass virgesi fir d'Vëloen a Pedelec25 zentral iwwert de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten anzekafen, esou wéi dat säit 2017 fir déi elektresch Déngschtweeën gemaach gëtt.

Well de Kilometrage vun deene kaaften Déngschtvëloen net erfaasst gëtt, kënnen och kéng Aussoen zu de gespuerten Autoskilometer oder de CO<sub>2</sub>-Emissiounen getraff ginn. Et sief heibäi bemierkt, dat Déngschtvëloen als komplementar Verkéiersmëttel fir d'Mataarbechter beim Staat ugeduecht sinn a virun allem bei kuerzen Trajeten eng Alternativ zum Déngschtauto oder dem ëffentlechen Transport duerstellen.

Wat de Fierpark vun de Regierungsmembere betrëfft, esou ass am Moment nach kee geneeën Zäitraum definéiert, ab wéini dës Gefierer solle CO<sub>2</sub>-emissionsfräi sinn. Dës Fierpark ass dimensionéiert a geduecht vir d'Membere vun der Regierung oder exzeptionell auslännesch Regierungsmembere kënnen a Reunionen an d'In- an d'Ausland ze féiere. Et ass dowéinst och net virgesinn datt een Auto aus dësem Fierpark duerch ee Vëlo ersat gëtt. Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1915 vum 21. Februar 2020 erkläert, gi prioritär Hybride a Plug-in Hybride kaf, esou dat déi duerchschnëttlech CO<sub>2</sub>-Emissiounen vum gesamte Fierpark vunde Regierungsmembere weider fale wäerten. Et gëtt dernieft gepréift fir an noer Zukunft 100% Elektroautoen ze kafen an ab deem Moment, wou esou een Null-Emissions-Auto sech fir den Asaz beim Service de Protection du Gouvernement eegent, ka méi genau definéiert gi bis wéini de gesamte Fierpark soll CO<sub>2</sub>-emissionsfräi sinn. D'Regierungsmembere hunn natierlech do dernieft d'Méiglechkeet fir sech mat hirem private Vëlo oder dem ëffentlechen Transport ze deplacéieren.